N°4247
Entrée le 30.06.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4247 vum 17. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten André Bauler an vum honorabelen Deputéierten Gusty Graas zum Sujet "Accompagnement de l'Etat et dotations financières dans le cadre des fusions de communes depuis 2000".**

1. **A wat fir engem Mooss hunn d'Regierungen zanter 2000 déi betraffe Gemenge beroden, fir datt d'Fusioun een Erfolleg konnt ginn ? Wat fir Ressourcë goufen dofir vum Zentralstaat zur Verfügung gestallt ?**

Virun der Entrée en vigueur vum Gesetz vum 2. Oktober 2015 betreffend d'Ofschafe vun den Distrikter, konnten d'Gemengen, déi eng Fusioun ugestrieft hunn, op d'Berodung vun den Distriktskommissären an dem Inneministère zeréck gräifen. Säit 2015, beréit den Inneministère d'Gemengen déi sech an engem Fusioiunsprozess befannen.

Fir d'Gemenge beschtméiglechst an hirem Fusiounsprozess ze begleeden huet den Inneministère de Gemengen eng „Toolbox" zur Verfügung gestallt. Et handelt sech héibäi ëm ee praktesche Guide an dem d'Gemengen, nieft Informatiounen zu enger Fusioun, och Délibérations-type vun deenen eenzelnen Décisioune fannen déi d'Gemengenautoritéiten am Kader vum Fusiounsprozess huele mussen .

Zousätzlech huet d'Regierung de 14. Februar 2025 den Experte-Grupp nei belieft, deen aus fréieren an aktiven Gemengepolitiker souwéi expérimentéierte Beamte besteet. Dës Cellule indépendante – fusions communales (CIFC) hëlleft de Gemengen bei administrativen, prozeduralen, techneschen a juristesche Froen am Kader vum Fusiounsprozess.

Et ass allerdéngs net méiglech festzestelle wat de konkreten Ausmooss vun dëser Berodung duerchstellt, déi de Gemengen am Kontext vun de Fusiounen ze gutt komm ass. Den Inneministère féiert weder Statistiken iwwert d'Unzuel vun de Beamten, déi d'Gemengen an engem Fusiounsprozess begleeden, nach iwwert d'Aarbechtsstonnen, déi dës Beamten am Kader vun enger Fusioun geleescht hunn.

Als Partner vun de Gemengen, sinn d'Servicer vum Inneministère disponibel d'Gemenge bei hiren respektive Fusiounsprozesser ënnerstëtzend ze begleeden.

2. **Wéi héich war an deene verschiddene Fäll déi aussergewéinlech staatlech Dotatioun, déi déi respektiv Gemenge vum Zentralstaat accordéiert kruten ? Wéi héich war dës Dotatioun pro Awunner an deene respektive Gemengen ?**

An der Annex 1 sin déi verschidden finanziell Hëllefen pro Fusioun opgelëscht, jeweils mat dem Total an der Berechnungsmethod pro Awunner.

3. **Wat fir eng maximal Dotatioun pro Kapp ass d'Regierung bei Fusiounsprojete bereet bäizeleeën ?**

Déi maximal Dotatioun pro Kapp fir déi kommend Fusiounsprojet'en ass nach net festgesat.

**4. Wéi huet sech déi ordinär staatlech Dotatioun an deene respektive Gemengen no der Fusioun entwéckelt, dat am Verglach mat der Zäit virum Zesummeschloss ?"**

An der Annex 2 ass d'Entwécklung vun den ordinäre Recetten opgelëscht déi di fusionnéiert Gemenge iwer de Fonds de dotation globale des communes (FDGC) kritt hun. Heizou folgend Bemierkungen:

- Den FDGC ass 2017 agefouert gin an huet eng ganz aner Berechnungsmethod wéi déi staatlech Dotatiounen vu virdrun. Demno ass e Verglach mat den Dotatiounen vu virun 2017 net méiglech.

- Bei enger Fusioun get et just een Impact op den Deel vun der Dotation forfaitaire vum FDGC, wann die fusionnéiert Gemengen virun der Fusioun zesummen ennert dem Forfait vun 300.000 EUR louchen. Den Rescht vum Wuesstum vum FDGC den am Tableau ze gesin ass, ass bedéngt duerch den Wuesstum vum FDGC selwer, an eventuell nach duerch de Wuesstum vun der Populatioun vun engem Joer op dat anert, awer u sëch net duerch d'Fusioun.

Lëtzebuerg, den 30. Juni 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden

Etat des lieux des aides financières de l'Etat pour les communes fusionnées

| Communes fusionnées | Anciennes communes | Date fusion | FDGC avant fusion | Dont part dotation forfaitaire avant fusion | FDGC après fusion | Dont part dotation forfaitaire après fusion | Impact fusion sur dotation forfaitaire * |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Bous-Waldbredimus | Bous | 01/09/2023 | 6 648 335.80€ | 112 800.00€ | 13 822 415.58€ | 300 000.00€ | 136 650.00€ |
| | Waldbredimus | 01/09/2023 | 5 103 645.06€ | 50 550.00€ | | | |
| Groussbus-Wal | Grosbous | 01/09/2023 | 4 647 774.26€ | 20 100.00€ | 10 808 430.17€ | 197 250.00€ | 164 100.00€ |
| | Wahl | 01/09/2023 | 4 495 963.52€ | 13 050.00€ | | | |
| Habscht | Hobscheid | 01/01/2018 | 8 995 907.83€ | 300 000.00€ | 12 838 854.40€ | 300 000.00€ | - € |
| | Septfontaines | 01/01/2018 | 2 264 728.06€ | 0.00€ | | | |
| Helperknapp | Boevange/Attert | 01/01/2018 | 6 098 849.18€ | 206 250.00€ | 12 183 821.04€ | 300 000.00€ | - 14 250.00€ |
| | Tuntange | 01/01/2018 | 4 528 884.72€ | 108 000.00€ | | | |
| Rosport-Mompach | Mompach | 01/01/2018 | 3 747 675.62€ | 193 950.00€ | 11 591 837.60€ | 300 000.00€ | 60 600.00€ |
| | Rosport | 01/01/2018 | 6 331 127.16€ | 45 450.00€ | | | |

Ministère des Affaires intérieures
Direction des finances communales

| Communes fusionnées | Anciennes communes | Date fusion | Aide financière pour fusion | Total engagé en EUR |
|---|---|---|---|---|
| Bous-Waldbredimus | Bous | 01/09/2023 | 2.200,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | 6 859 600.00 |
| | Waldbredimus | 01/09/2023 | 2.200,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | |
| Groussbus-Wal | Grosbous | 01/09/2023 | 2.200,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | 5 011 600.00 |
| | Wahl | 01/09/2023 | 2.200,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | |
| Habscht | Hobscheid | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | 8 307 500.00 |
| | Septfontaines | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | |
| Helperknapp | Boevange/Attert | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | 7 552 000.00 |
| | Tuntange | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | |
| Rosport-Mompach | Mompach | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | 6 899 000.00 |
| | Rosport | 01/01/2018 | 2.000,- euros par habitant (1-2.000), 1.000,- euros par habitant (>2.000) de **chaque** commune | |
| Wiltz | Eschweiler | 01/01/2015 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | 11 387 000.00 |
| | Wiltz | 01/01/2015 | 2.000,- euros par habitant (1-4.000), 1.500,- euros par habitant (4.001-6.000), 1.000,- euros par habitant (6.001-10.000) de la nouvelle commune | |
| Clervaux | Clervaux | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 11 410 000.00 |
| | Heinerscheid | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| | Munshausen | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Esch-sur-Sûre | Esch-sur-Sûre | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 5 745 000.00 |
| | Heiderscheid | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| | Neunhausen | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Käerjeng | Bascharage | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 24 305 000.00 |
| | Clemency | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Parc Hosingen | Consthum | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 7 707 500.00 |
| | Hoscheid | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| | Hosingen | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Schengen | Burmerange | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 10 402 500.00 |
| | Schengen | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| | Wellenstein | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Vallée de l'Ernz | Ermsdorf | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 5 937 500.00 |
| | Medernach | 01/01/2012 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Kiischpelt | Kautenbach | 01/01/2006 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 2 307 500.00 |
| | Wilwerwiltz | 01/01/2006 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |
| Tandel | Bastendorf | 01/01/2006 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | 3 985 000.00 |
| | Fouhren | 01/01/2006 | 2.500,- euros par habitant de la nouvelle commune | |